


Fëscher, Jeeër an Hondstrënn





Organe officiel de la
Fédération Saint-Hubert des Chasseurs du
Grand-Duché de Luxembourg a.s.b.l.

Sous le Haut Patronage
de Son Altesse Royale le Grand-Duc

Adresse Postale:

Bureau: 15, rue de l'École • L-9167 Mertzig
Tél.: 26 88 09 88 • Fax: 26 88 09 89
E-mail: info@fshcl.lu
Internet: www.fshcl.lu • www.juegd.lu

Président:

Jo Studer
Boîte postale 1771 • L-1017 Luxembourg
Tél.: (+352) 49 89-1
E-mail: stj@provencale.lu

Vice-présidents:

Marc Reiter
1, Zanerknupp - L-9170 Mertzig
Tél.: (+352) 88 81 12-1
E-mail: marcleiter@erg.lu
Georges Rinnen
2, route de Bastogne - L-9706 Clervaux
Tél.: (+352) 92 97 01
E-mail: georges.rinnen@rinnen-clervaux.com

Secrétaire général:

Richard Frank
25, Latterbach • L-9170 Mertzig
Tél.: (+352) 621 191 999
E-mail: richard.frank@education.lu

Comité de rédaction:

Rédacteur responsable: Luc Bohler
15, rue de l'École • L-9167 Mertzig
Tél.: 26 88 09 88 • GSM: 621 294 453
Fax: 26 88 09 89 • E-mail: info@fshcl.lu
Richard Frank, Alain Huberty, Guy Schank,
Jo Studer

Comptes de la FSHCL:

CCPLLULL LU68 1111 2167 0103 0000
BGLLLULL LU91 0030 8232 6358 0000
CCRALULL LU53 0090 0000 0500 6382
BCEELULL LU65 0019 1755 6404 6000
BILLULL LU29 0027 1717 5613 8200

Compte Assurance - rabatteurs:

CCPLLULL LU60 1111 2142 8007 0000



Organe officiel de la Fédération
Luxembourgeoise des Pêcheurs Sportifs a.s.b.l.
placée sous le Haut Patronage de S.A.R.
le Grand-Duc Jean de Luxembourg †

Adresse Postale:

47, rue de la Libération • L-5969 Itzig

Président: Serge Petro
president@flps.lu

Secrétaire général:
Pierrot Merten

Section Compétition:

Président: Jean Schreiner
Secrétaire: Joe Altmann
competition@flps.lu

Section de Compétition Dames:

Secrétariat: dames@flps.lu

Section Pêche en Mer:

Président: Romain Weydert
Secrétariat: mer@flps.lu

Section Pêche à la Mouche:

Président: René Kleman
Secrétaire: Claude Strotz
mouche@flps.lu

Section Jeunes:

Secrétariat: jeunes@flps.lu

Rédaction Fêcher:

Claude Strotz, Jos Scheuer, Jempy Schoder
fjh@flps.lu

Rédaction Internet:

Claude Strotz • webmaster@flps.lu
Joëlle Braun • secretariat@flps.lu

Bureau de la FLPS:

47, rue de la Libération • L-5969 Itzig
Tél.: 36 65 55
secretariat@flps.lu
www.flps.lu

Secrétaire fédérale:

Mme Joëlle Braun

Heures de bureau:

Lundi, mercredi, vendredi: 9h00-12h00

CCPLLULL: LU84 1111 0095 0192 0000

BCEELULL: LU93 0019 5300 0148 6000



Organe officiel de la Fédération Cynologique
Luxembourgeoise (A.s.b.l.) (F.C.L.)
Membre de la Fédération Cynologique
Internationale (F.C.I.)

Adresse Postale:

FCL - B.P. 69 - L-4901 Bascharage

Président honoraire: Jacques Mersch †

Présidente honoraire: Mme Gitty Schwab

Présidente: Malou Grasges

Secrétaire Général: Fränk Steffen

Tél.: 50 28 66

E-mail: fcldogoffice@gmail.com

Internet: fcl-dog.lu

Comptes de la FCL:

CCPLLULL LU70 1111 0324 9702 0000

BGLLLULL LU69 0030 7513 9769 0000

Gérant du Livre des Origines

Luxembourgeois (L.O.L.): Fränk Steffen

Compte du L.O.L.:

CCPLLULL: LU93 1111 0061 5039 0000

Membres de la FCL:

Centrale du Chien d'Agrément et de
Compagnie (CCAC)

Présidente honoraire: Mme Gitty Schwab

Présidente: Tania Hoffmann-Biewer

Secrétaire: Gabrielle Lyhs

E-mail: office@ccac.lu

www.ccac.lu

Centrale du Chien de Chasse (CCC)

Présidente: Malou Grasges

B.P. 84 • L-8501 Redange

Tel. 621 705 246

E-mail: ccc@jagdhunde.lu

Internet: www.jagdhunde.lu

Centrale Luxembourgeoise du Sport pour
Chiens d'Utilité (CLSCU)

Président: Jost Steve

Secrétaire:

E-mail: clscu.vr@gmail.com

Caissière: Berton Natacha

Inhaltsverzeichnis

Jeeër

Editorial Juni 2025	5
Projet Biodiversité	7-8
JungjägerInnen treffen sich ...	9
Ausflug op d'Juegdtausstellung „Game Fair“	13
13* « Schéissmedail »	15
Doudesannoncen	17
ANF - News ...	19
News aus der Sektoun Wolz	22
Vum Bësch op den Dësch: Ramiers en verrine	23

Fêcher

Editorial	25
Wettangeln in Luxemburg „Damals und heute“	
Aus dem Verbandsliwen	26
Bericht Zentralvierstand vum 12.5.2025 / Hien huet eis verlooss	
Aus de Veräiner a Sektounen	27-34
Coupe Entente du Nord / Péiteschfeier / Adieu G. Zangerlé	
Bericht WM Masters Portugal / 44. WM Vereine im Sportangeln	
Praktesches fir de Fêcher	35
Der Irrtum mit den Mindestmaßen	
Eis Fêsch, eis Baachen a Flëss	36
Fêscherei als Liewensinhalt (25): 1994: National Meeschterschaften	

Hondstrënn

FCL Dogs are our passion ... fcl-dog.lu	37
CCAC Wandhond Festival 2025	38-39
CCC JGP - Gehorsamsprüfung fir ons Juegdgefährten	40
JEP vun der CCC 12ten an 13ten Juli 2025	40-41
Gabby Poeckes wurde geehrt / Welpenspilldag	42
CLSCU Le travail à l'eau au sein de la CLSCU	43
U.S.T.L. Demo Day	46

Périodique bimestriel

de la Fédération Saint-Hubert des Chasseurs du
Grand-Duché de Luxembourg, de la Fédération
Luxembourgeoise des Pêcheurs Sportifs et de
la Fédération Cynologique Luxembourgeoise

Tirage: 7.000

Prix de vente: 2,23 €

Régie publicitaire: Luc BOHLER
15, rue de l'École • L-9167 Mertzig
Tél.: 26 88 09 88 • GSM: 621 294 453
Fax: 26 88 09 89 • E-mail: info@fshcl.lu

PRINTED IN
LUXEMBOURG

Layout: Yvette Rehlinger

Impression: PRINTING ossa o/p

Les opinions exprimées dans cette revue n'engagent
que la responsabilité de leurs auteurs et ne reflètent
pas nécessairement les vues des Fédérations. Les
consultations ou avis d'ordre juridique donnés par
les Fédérations n'engagent pas leur responsabilité.

Les textes peuvent être reproduits à condition que la
source soit mentionnée.



No 4 - Août 2025

Couverture: © FLPS

Clôture de rédaction du no 5/2025
lundi 8 septembre 2025



Fédération Luxembourgeoise des Pêcheurs Sportifs a.s.b.l.

Placée sous le Haut Patronage de S.A.R. le Grand-Duc Jean de Luxembourg

Rédaction : Jos SCHEUER, Claude STROTZ • e-mail : fjh@flps.lu



Editorial



Wettangeln in Luxemburg „Damals und heute“

Wettrituale und Wettbewerbe rund ums Angeln haben in Luxemburg eine lange Tradition.

Schon im späten 19. und frühen 20. Jahrhundert gehörten Fischfänge an der Sauer und Mosel zu regelmäßigen Ereignissen – erstaunlicherweise damals oft auf Salmoniden wie Forelle und Lachs.

Ein Bericht aus Vianden im Jahr 1885 erwähnt beachtliche Fänge von etwa 700-800 kg Salm Forellen pro Woche, die damals verkauft werden konnten und ein Erlös von rund 1200 Franken (damalige Währung) einbrachten.

Auch Lachsfang bei Diekirch um 1909 war gängig, wie damalige Postkarten belegen.

Das Stippangeln an Mosel und Sauer im Wettangelmodus begann am Anfang des 20. Jahrhunderts, somit entstand die Idee der Gründung eines Angelverbandes. Im Jahr 1926 war es dann soweit und unter dem Namen Fédération Luxembourgeoise des Pêcheurs Sportifs (F.L.P.S.) entstand der heute noch existierende Verband. Die ersten Angelvereine in Luxemburg wurden jedoch schon etwas früher gegründet.

In dieser Zeit wurde Stippangeln als Sport langsam etabliert, besonders bei Vereinswettbewerben wo Technik, Präzision und Menge zählten. In Vereinsarchiven wird ab 1925 über Wettkampfstippen mit Posen berichtet, zum Teil an Mosel, Our und lokalen Teichen. Ab 1950 wurde Stippangeln zur beliebtesten

Disziplin im Luxemburger Sportfischen. Zweimalige Mannschaftsweltmeister, 1 Einzelweltmeister und 1 Europameister wie auch einige Male Vizeweltmeister belegen diese Entwicklung.

Es gibt aber nicht nur Stippangeln in Luxemburg, sondern auch Meeresangeln und Fliegenfischen. Beide Sektionen haben auch beachtliche Erfolge aus der Vergangenheit vorzuzeigen.

Mittlerweile schreiben wir das Jahr 2025, somit feiert der Verband nächstes Jahr sein 100-jähriges Bestehen. Während dieser Zeit gab es viele positive Entwicklungen aber auch viele negative.

Heute: Wandel durch Naturschutz und Ethik

Strenge Regelungen und Gesetze seitens der staatlichen Instanzen bestimmen heute das Angeln, dies nicht nur in Luxemburg. Es gibt Fangbeschränkungen, Schonzeiten und Mindestmaße.

Das „catch and release“ (fangen und zurücksetzen) wird bei Wettkämpfen immer häufiger angewendet. Der „Code de l'environnement“ (Umweltgesetzbuch) regelt viele Aspekte des Fischfangs.

Angelvereine gibt es weiterhin, jedoch ist die Zahl der aktiven Mitglieder meist rückläufig. Wettangeln wird noch immer durchgeführt aber unter strengeren Bedingungen, vorgeschrieben von den Behörden und dies betrifft hauptsächlich den Zugang ans Gewässer, von den fehlenden zwingend benötigten Parkplätzen ganz abgesehen.



Laut LUXTODAY – Luxembourg news and media wurden im Jahr 2024 um die 9000 Angelberechtigungen ausgegeben, eine Zahl die klar belegt, dass Angeln noch immer sehr beliebt ist und seinen Stellenwert in dieser Gesellschaft hat.

Weiterhin wünsche ich jedem viel Spaß und Erfolg am Wasser.

Petro Serge
Präsident FLPS

Stippfischerwettbewerb in den
60er Jahren in der Mosel



Bericht aus dem Zentralvierstand vum 12. Mee 2025

Korrespondenz : Mir haten eng d'Stellungnahm vun der Centrale Paysanne zum Artikel „Eis Fësch, eis Baachen a Flëss-Objektiv 2027 ist unerreichbar“ (publizéiert an onser Zeitung FJH).

Eng Ofso (Finanzement) vum Sportsministère a vun „Luxembourg, let's make it happen“ betreffend ons Poloen a T-Shirte vir ons Equippen anzeleede vir op EM an WM louch vir.

Ons Jugendsektioun hält net um COSL Spillfest deel wéinst Mangel u Leit, déi hëllefen.

Eng Invitatioun vir d'Generalversammlung vun dem Jeeërverband a vun der Entente de l'Est louch vir. Jeeweils hält un all Versammlung een ZV-Mitglied deel.

Den 01. **Virstands-Bericht** vun der Saison 2025 (24.03.2025) ass unanime ugeholl ginn.

Berichter aus den Sektioenen : De Comité-Bericht an de Programm vun den 6 Manchen vun der Section de Compétition as

den 05.05.2025 an d'FLPS erakomm. Bei der Jugend (14.04.) war den Jander Marc (ZV) zu Kënzeg um Weier präsent.

Homologatioun vun Waasserbëlleg vir Klub-Weltmeeschterschaft an d'Equipe vun der Section de Compétition vir d'Europameeschterschaft ass confirméiert an ugeholl ginn.

Ständeverlosung : Andeelunge vun den ZV-Mitglieder vir op d'Stännverlosungen ze goen ass duerchdiskutéiert ginn an eng Lëscht mat den Nimm gëtt vun onser Sekretärin un ons ZV-Mitglieder als Informatioun per Mail geschéckt.

Verschiddenes : CSP huet 3 Datumer proposéiert vir d'Fëschtrap um Pont Misère ze besichlegen. Eng Delegatioun vun der FLPS wäert do präsent sinn an un der Besichtigung deelhuefen.

Ee Schreiwees vun onsem laangjäregen FIPS-Mer Präsident Zanglé Gilbert gëtt an onser Zéiung FJH opgestallt a publizéiert.

PM/SP

Hien huet eis verlooss



Mat grousser Trauer hu mir zur Kenntnis geholl, dass de

Jos Kleinbauer

den 19. Juli am Alter vu 95 Joer vun eis gaangen ass.

De Jos war iwwer Joerzénge laang een **engagéierte Pilier vun der FLPS** (Fédération Luxembourgeoise des Pêcheurs Sportifs) **sou wéi och vun der FIPS-Eau douce** a Member vum Didelenger Verain.

Seng Leidenschaft, säin onermiddlechen Asaz a säi Wëllen, d'Sportfëscherei weiderzebréngen an ze verrieden, hu vill Mënsche markéiert a motivéiert.

Mir verléieren net nëmmen ee verdéngte Sportsfrënd, mee virun allem en engagéierten a léiwe Mënsch, deen sech ëmmer am Dénkscht vun der Gemeinschaft gestallt huet.

Merci, Jos, fir alles, wat's de fir d'Sportfëscherei gemaach hues. Däin Engagement wäert ons ëmmer an Erënnerung bleiwen.

Der Famill a senge Frënn schwätze mir eist déifste Matgefill aus.



Weiher ze verkaafen

Terrain 5,8 ha (+-50% Waasserfläch) – Koenigsmacker (FR), 15km vun Mondorf les Bains

Offer machen → etangrudisci@gmail.com



Aus de Veräiner a Sektioonen



Coupe de l'Entente du Nord 2025

Traditionelles Preisfischen der FLPS-Ententen: Erfolgreicher Auftakt zur Saison 2025

Wie jedes Jahr markiert der Beginn der Fischereisaison auch den Startschuss für die traditionellen Wettbewerbe der vier FLPS-Ententen. In diesem Jahr wurde die Organisation der Veranstaltung vom Sportfischerverein Arsdorf 2000 in Zusammenarbeit mit dem Vorstand der Entente du Nord übernommen.

Am Sonntag, dem 22. Juni 2025, versammelten sich bei idealen Wetter- und Wasserbedingungen insgesamt 51 Fischerinnen und Fischer am Stausee in Rambrouch, um ihr Können unter Beweis zu stellen.

Der Präsident der Entente du Nord, Herr Serge Reding, begrüßte die Anwesenden herzlich und richtete seinen besonderen Dank an Herrn Mike Dusemang, Präsident des Sportfischervereins Arsdorf 2000, sowie an dessen engagiertes Team für die hervorragende Organisation und das Setzen der Stände. Ein weiteres Dankeschön ging an Herrn René Kleman, Sekretär der Entente du Nord, der im Vorfeld den Kontakt zu den zuständigen Ministerien aufnahm, um trotz der Problematik mit Blaualgen eine sichere Durchführung des Preisfischens zu ermöglichen.

Erfreulich ist zudem die Teilnahme von fünf Jugendlichen – ein positives Signal für die Zukunft des Angelsports in der Region. Ein besonderer Dank gilt auch dem Fischereifachgeschäft AZP, das mit großzügigen Gutscheinen zur Preisvergabe beitrug.

Beeindruckende Fangergebnisse und starke Beteiligung

Das Preisfischen war ein voller Erfolg. Insgesamt wurden **8.150 Gramm** Fisch gefangen. Von den **51 Teilnehmenden** konnten **37 Fischerinnen und Fischer** ein Fanggewicht erzielen, was einer Quote von **72,55 %** entspricht. **14 Teilnehmer (27,45 %)** blieben leider ohne Fang.

Der Fang setzte sich aus **Gründlingen, Rotaugen, Ukeleis und Güstern** zusammen – typische Arten für das Gewässer und ein Zeichen für die gesunde Fischpopulation.

Vereinswertung:

Im Vereinsklassament sicherte sich der **Sportfischerverein Ettelbréck** mit einem Gesamtfanggewicht von **1.790 Gramm** den ersten Platz. Auf den weiteren Rängen folgten:

- Feelen 92 mit 1.360 Gramm
- Rouspert/Goodyear mit 1.350 Gramm

Champion du Nord 2025:

Zum neuen „Champion du Nord“ 2025 wurde **Jean Steffen aus Iechternach** gekürt – mit einem Spitzenfanggewicht von **790 Gramm**.

Einzelwertungen:

Senioren:

1.	Jean Steffen	Iechternach	790 g
2.	Steve Huberty	SPF Ettelbreck	620 g
3.	José Varela	SPF Ettelbreck	460 g

Damen:

1.	Pierette Pott	Gilsdref	510 g
2.	Anouk Wilmes	Feelen 92	270 g
3.	Liliane Dusemang	Ueschdref	100 g

U10:

1.	Tun Freymann	Ueschdref	40 g
2.	Damien Dusemang	Ueschdref	40 g

Masters:

1.	Jean Steffen	Iechternach	790 g
2.	Aly Pleim	Gilsdref	430 g
3.	Marcel Medinger	Rouspert/Goodyear	310 g

Veteranen:

1.	François Hanff	Rouspert/Goodyear	410 g
2.	René Kleman	Rouspert/Goodyear	350 g
3.	Carlo Hardt	Rouspert/Goodyear	210 g

Bericht: René Kleman



Impressiounen vun der Péiteschfeier 2025

130 Fëscher a Fëscherinnen vun all Alter haten haut de Wee op d'Musel fonnt fir di traditionell Péiteschfeier. Organiséiert vun der FLPS zesumme mam Beetebuerger Fëschclub wor et e flotten Event, bei deem allerdéngs bal nëmmen Groupien konnte gefaang ginn. Gewonn huet de Verein Stadbriedemes mat engem Gesamtgewicht vun 20.410gr virun Waasserbëlleg mat 19.950gr an Péiteng mat 16.190gr

Bei de Senioren huet de Marc Weber/Waasserbelleg virum Yves Draut/Gilsduerf an dem Serge Wolfsfeld/Stadbriedemes gewonnen.

Bei de Masters huet den Daniel Steveler/Péiteng vim Alain Denelle/Felen an dem Vito Rotondo/Hollerech gewonnen.

Bei de Veteranen huet den Fred Gillen/Waasserbelleg virum Guy Remy/Stesel an dem Marc Aldrovandi/Kirchbiere gewonnen.

Bei den Damen huet sech d'Anouk Bernard/Felen virum Liliane Dusemang/Ueschdref an dem Angèle Schmit/Gilsduerf durchgesaat.

Bei den U20 luecht den Mike Raach/Waasserbelleg virum Pit Gillen/Waasserbelleg an dem Brian Welter/Péiteng.

Bei den U15 huet den Fynnegan Rodesch/Ueschdref gewonnen

Bei den U10 den Alexis Jacoby/Péiteng virum Ronny Budai/Ueschdref

Déi ganz Resultater a nach méi Biller vum traditionellen Concours fannt dir op www.flps.lu







Vorspann zu einem Abschiedsbrief

Mit dem Abgang von Gilbert Zangerlé als Präsident der FIPS-Mer geht die Ära zu Ende, in der Luxemburg in der internationalen Sportfischereiszene Führungspersönlichkeiten stellte.

Ämter in internationalen Organen, verbunden mit Titeln, werden oft abgetan als Ehrenämter, die weniger konkreten Einsatz aber mehr plakative Repräsentationsrechte mit sich bringen. Dies war nicht so bei Pierre Biever (†), der während Jahrzehnten ein hoch geschätzter Schatzmeister des Internationalen Verbandes der Meeressportangler war. Das Gleiche gilt für Gilbert Zangerlé. Neben einem jahrelangen Amt im Vorstand der Luxemburger Meeresfischersektion war er 14 Jahre lang auch Vorsitzender der FIPS-Mer. Er hat mit Methode und diplomatischem Geschick erfolgreich seinen organisatorischen „Job“ gemacht, zwischen (und mit) Vertretern der Verbände aus 45 Nationen.

Immer wieder hat er bei allen Gelegenheiten hervorgestrichen, dass weltweit alle Gewässer extremen Gefahren ausgesetzt sind, und dass die Sportanglerverbände sich in die Wiederherstellung des Biotops Wasser als gesunden Lebensraum von faszinierend artenreichen Fischpopulationen einbringen sollen. Der Sportangler als Umweltschützer!

Die FLPS bedankt sich bei Gilbert. Die Türen für ein (neues!) nationales Engagement sind weit geöffnet.

Also: Kein Nachruf, aber eher eine Einladung.

J.S.



Lettre d'adieu de Gilbert Zangerlé (ancien Président de la FIPS-Mer)



A la fin d'un mandat il est permis à un président sortant de faire une petite rétrospective sur ses activités durant son mandat.

2011 (Congrès de Rome) Secrétaire adjoint de Pierre Bieber

2016 (Congrès de Setubal) Secrétaire général (Pierre Bieber Trésorier)

2018 Président f.f. Décès du Président Hubert Waldheim (Louis Morvan Trésorier)

2019 – 2025 Président

Quand j'ai commencé, les anciens parmi nous s'en souviennent encore, la FIPS-M a vécu des temps difficiles. Les règlements de toutes nos disciplines étaient regroupés dans un seul document très lourd et difficile à suivre. Ce fût mon premier travail comme secrétaire général adjoint de séparer les règlements des différentes disciplines en des documents spécifiques et compréhensibles et de revoir les traductions anglaises.

Une deuxième chose qui selon moi nécessitait une amélioration, était notre système de tirage au sort et de classement. Je me souviens encore bien des longues heures qu'on a passées pour faire les tirages au sort avec des balles de pingpong et des nuits qu'on passait pour établir des classements qui comportaient à la fin encore souvent des erreurs. J'ai la chance d'avoir un ami, professeur de mathématiques à l'université, informaticien et programmeur versé. Il ne connaît pas la pêche sportive et de ses règlements, mais ensembles, lui comme programmeur et moi comme fournisseur des données et des idées nous avons établi un programme de tirage au sort et de classement valable pour toutes les disciplines avec tous les systèmes de classements. Mon idée était aussi que ce soit parfaitement transparent et que les capitaines soient présents lors de l'établissement des classements. L'affichage sur notre site internet en temps réel nous a permis de faire des championnats

« paperless ». J'ose dire que rapidement toutes les fédérations ont pris confiance dans ce logiciel qui fonctionnait online et où il était impossible de tricher. Beaucoup de fédérations ont suivi ces idées que nous avons tracées. J'ai toujours considéré ce programme comme mon « bébé » et ainsi je me suis toujours porté garant pour son parfait fonctionnement et l'adaptation immédiat aux changements des règlements décidés dans les assemblées générales.

Mes 14 ans d'expérience en tant que faisant partie de l'équipe dirigeante de la FIPS-M me permettent maintenant de faire une petite analyse qui me préoccupe depuis un certain temps. Notre société devient de plus en plus populiste et égoïste. Ceci n'est pas seulement

vrai pour nos dirigeants politiques, mais nous constatons ce développement à tous les niveaux. Les médias sociaux ont largement contribué à faire écrouler les barrières morales et éthiques entre les personnes. Autour de nous et dans tous les domaines, nous pouvons constater cette évolution malsaine. Actuellement la FIPS-M a deux affaires juridiques avec des bureaux d'avocats en cours. Quand j'ai commencé le travail avec la FIPS-M, le respect mutuel, l'amitié et le fair-play dominaient. Aujourd'hui, souvent les intérêts nationaux et personnels priment sur les valeurs sociales et morales sans considérer les aspects écologiques.

Chers amis, ceci ne correspond plus à mes visions. A mon avis, il sera d'une importance capitale pour l'avenir, que les fédérations internationales et nationales définissent des valeurs morales et un code éthique qui devront être respectés aussi bien par les dirigeants que par les pêcheurs.

Mais je ne voudrais pas terminer mon engagement avec des pensées et des vues sombres. Durant les 14 dernières années, j'ai rencontré des personnalités et des amis extraordinaires à l'esprit ouvert et avec des vues réalistes et intelligentes sur la pêche et son développement futur et ceci tout en accord avec la nature et l'environnement. J'ai vécu des expériences extraordinaires que je ne voudrais pas manquer.

Aujourd'hui, nous tournons une page, non seulement personnelle pour moi, mais aussi dans l'histoire de la FIPS-M. Pierre Bieber, décédé en avril dernier, a géré pendant plus de 40 ans la FIPS-M. En 2007, il a enregistré la FIPS-M comme Association sans but lucratif, donc comme asbl au Registre de Commerce à Luxembourg. A ce moment il a défini les bureaux de la Fédération luxembourgeoise comme siège de la FIPS-M. Ainsi le Luxembourg, comme petite fédération sans grande influence au niveau international, était pendant 18 ans le garant de la neutralité et de la compréhension des problèmes des petites fédérations. Je voudrais remercier la Fédération luxembourgeoise avec son Président pour avoir hébergé si longtemps la FIPS-M.



Une autre personne, qu'on peut considérer comme pilier de la FIPS-M, est Louis Morvan. Avec ses 85 ans, il était notre trésorier général jusqu'aujourd'hui et a géré les comptes de la FIPS-M avec bravoure. Pour des raisons de santé il ne peut pas être parmi nous, mais qu'il soit assuré de ma reconnaissance et de toutes mes sympathies.

De même, Monsieur Fethi Bayar, membre de la Commission Technique depuis 2013, mérite ma grande estime et ma reconnaissance. A la fin, je peux dire que j'avais la grande chance d'avoir en tant que Président, le meilleur secrétaire possible.

M. Attilio La Porta, a fait un travail formidable durant toutes ces années. Son intégrité et sa loyauté vis-à-vis de moi et vis-à-vis de toutes les fédérations était exemplaire. Cher ami Attilio, je crois que tu mérites plus que tout autre personne ma reconnaissance qui vient de tout mon cœur. Finalement, je dis merci aux amis du comité, mais surtout à toutes les fédérations pour leur soutien, leur respect et leur amitié qu'ils m'ont témoignés. Si je peux formuler un souhait, c'est que le nouveau Comité travaillera dans le même souci de droiture et de fair-play comme l'a fait l'ancien.

Gilbert

Bericht vun der WM vun de Masters a Portugal 2025

Fernand Schmitt Vizeweltmeeschter

Di 7. Weltmeeschterschaft an der Kategorie Masters, déi dëst Joer vun der portugisescher Fëschfederatioun organiséiert ginn ass, ass zu Coruche um Rio Sorraia an der Woch vum 16.–21. Juni 2025 ausgedroen ginn.

Eise Quartier hu mir direkt vis-à-vis vun de Secteuren A a B bezunn. Déi zwou aner Secteuren C an D louchen, Loftlinn gekuckt, och nëmmen 500 Meter flossobwärts vun eisem Haus ewech. Doduerch war scho garantéiert, datt d'Equipe net allzevill Strapazen huet missen opbréngen, fir ëmmer rechtzäiteg prett ze sinn, fir moies ze fëschen an ze trainéieren.

En Deel vun der Equipe – Marc Brandenburger, René Quintus, Raymond Dostert an Viviane Schmitt – ass scho Freides op Lissabon geflunn an ass vun do aus mat engem Locatiounsauto op Coruche gefuer. Als zousätzleche Begleeder ass den Luis Dias mat der Equipe komm – fir eis natierlech e grouse Virdeel, well den Luis als Portugis d'Sprooch geschwat a verstanen huet.

D'Geschier ass mat Hëllef vun zwou Camionetten dohinner bruecht ginn. Déi laang Rees, déi mir a zwou Etappe



bewältigt hunn, hunn den André Denis, Neckel Mohr, Patrick Kiesch an ech selwer iwwerholl. Mir sinn da spéiden Samschdeg Nomëtteg no 2100 km op eiser Destinatioun ukomm. No dëser laanger Rees ass de Samschdeg, an engem gudden lessen an dem Ausraumen vun de Camionetten, direkt de Wee an d'Bett gaangen.

Sonndes hu mir no engem gudde Moiesessen d'Besichtigung vun den eenzelne Secteuren gemaach. De Rescht vum Dag ass schoonn um Geschier geschafft ginn an dono nëmmen nach ausgerout ginn. Bei annonciéierten Temperaturen vun ëm 40 Grad an de nächste Deeg war dat och kee Luxus.

Komme mir elo zum Wesentlechen: Fëschen!

D'Trainingsdeeg Méindes bis Donneschdes sollten eis emol en Abléck ginn an dat, wat mir am Virus héieren haten. D'Streck war geännert ginn, well d'Aarbechte fir de Sand zeréck un d'Ufer ze zéien, gescheitert waren. Dowéinst goufen zwou Secteuren op déi aner Säit vum Duerf verluecht. Mir sëtzen Dëschdes an der Box 11. D'Streck war nei, an dofir huet de Fësch sech och net vun senger beschter Laun gewisen. Mee mir waren eis eens, datt dat sech am Laf vun der Woch géif änneren. Et ass eis awer direkt opgefall, datt haapt-sächlech Blenkerten a grouse Mengen um Parcours stoungen an immens gefräisseg waren – si hunn direkt ugebass.

Mëttwochs si mir der Box 2 zougedeelt ginn. Et goufen Natiounen, déi probéiert hunn, sech just op de Blenkert ze konzentréieren. Mee et huet ee festgestallt,

datt op 11,50 m Distanz an och op der Matchstaang méi schéin Fësch ze fänke waren. Ausser eisem René ass dat awer kengem gelongen. Vum Wieder ofgesinn, war d'Resultat wat de Fësch ugeet éischter enttäuschend. Egal – d'Ambiance an der Equipe war top, an dat ass dat, wat d'Leit brauchen, déi zesummen eng Woch un esou enger Competitioun deelhuefen.

Mëttwochs an Donneschdes hu mir weider probéiert erauszefannen, wéi ee laanscht de Blenkert kënnt a wéi déi wichteg Fësch, wéi Karausche an Bärwen, ze fänke wieren. Wat d'Fudder ugeet, hu mir et du mol ganz einfach gehalen: zwee Deeler Bärwen- a een Deel Bogga-fudder gemëscht, dat mat Terre de Rivière punktuell mat der Coupelle op 11 m Distanz gesat. Do dran e puer futtis Mueden, e bësse Fouilles an geschnidde Wierm. A kuck, duerno just nach mat Stecker a geschnidde Wierm um Kropp gefësch – an de Problem mat de Blenkerten war geléist. Vun deem Moment un hu mir dann och déi Fësch gefaangen, déi Gewicht op d'Wo bruecht hunn.

Mat dësen Erkenntnisser hu mir owes eis Taktik festgehalen, mat där mir an den éischten Concoursdag goe sollten. Den Dag selwer hu mir och scho gewosst, wien a wéi enger Box géif sëtzen. D'Viv war ernannt ginn, fir sech ëm d'Setzungen ze këmmern, an hat och fir den Tirage zoustänneg ze sinn.

Freides, den éischten Dag. Mir waren natierlech all gespaant, ob mir d'Erkenntnisser och am Concours ëmsetze kéinten. Wéi d'Manche no véier Stonnen eriwuer war, a mir woussten, wat jidderee gepunkt hat, hu mir gesinn, datt mir am Klassement op der 5. Plaz stoungen – top! Dat war eng Kéier e schéint Resultat fir eist klengt Ländchen. Ech ginn hei net op jiddereen säi Einzelresultat an – dat kënnt dir um Schluss vum Artikel nokucken.

Ech hat an der Equipe awer e besonnescht Resultat: Et ass mir gelongen, mat 5820 Gramm mäi Secteur ze gewannen. Owes hunn mir am Quartier nach eng Kéier d'Käpp zesummegestréckt. Mir waren eis eens, déi selwecht Taktik wéi an der éischter Manche weider ze benotzen, just mat manner Fudder a e bësse méi Buedem.

Samschdes dann: Mir wollten nach eng Kéier alles ginn, fir d'Resultat ze bestätegen. Den Denis ass duerch de Marc ersat ginn. Ech selwer war scho relativ nervös, well ech wusst, datt mat engem ähnleche Resultat wéi um Virdag eng Plaz um Podium dran kéint sinn.





No véier Stonnen Fëschchen hu mir no an no d'Resultater gewuer. Mat 24 Punkten – also engem Punkt manner wéi an der éischter Manche – si mir leider op déi 6. Plaz am Teamranking zeréckgefall. D'Resultat war awer méi wéi korrekt fir eis Natioun.

Ech hunn et fäerdeg bruecht, eng 2. Plaz am Secteur ze maachen. A jo, ech hu misse laang waarden – mee no méi wéi zwou Stonnen stoung et fest, datt ech, no esou laanger Zäit internationaler Participatioun, endlech meng Medail krut.



Als Vizeweltmeeschter 2025 bei de Masters war ech immens houfreg – op mech selwer an och op d'Viv, déi mech scho laang begleet bei de ville grouse Manifestatiounen am Ausland.

E grouse Merci un d'Viv fir déi super Hëllef während deenen zwou Deeg. Si huet ni den Iwwerbléck verluer a konnt mir ëmmer soen, wéi ech placéiert war. Och huet si mir oft gesot, wat ech sollt änneren, fir Erfolleg ze hunn.

Resultat: 6. Plaz mat der Equipe an eng Medail am Eenzel. Mir waren all zefriden. Fir d'Zukunft vun der Sektoun an der lëtzebuergescher Fëscherwelt hoffen ech perséinlech, datt jidderengem bewosst gëtt, datt mir ëmmer nees gutt Resultater kënnen heembréngen. Wichteg ass, de Kollektiv ze stäerken an ze liewen – dat war dës Woch perfekt.

Dofir vu mir un iech aus der Equipe:

E grouse Merci!

Ech wäert weider mäin Asaz bréngen, fir datt esou Resultater och an Zukunft nach méi dacks erreecht ginn. Zesumme kann een vill bewierken.

Wéi ëmmer zum Schluss: Merci un all déi, déi eis ëmmer ënnerstëtzen – Sponsoren vun der Sektoun vun de Masters a Veteranen, Begleeder a Frënn, déi di wäit Rees matgemaach hunn, fir d'Fëschchen ze begleeten. Dat waren de Patrick, Neckel, Luis an natierlech mengem Viv.

Merci och un de Sportsministère, deen mir Congé Sportif zougesot huet, an un all Donateuren, déi eis gehollef hunn.

Zum Schluss nach e perséinleche Merci un Fishing World an un de Gilles Caudin vu Sensas fir dee jorelaange Support, deen ech ëmmer nees krut.

Fernand Schmitt



44. Weltmeisterschaft für Vereine im Sportangeln

Der Fëscherveräin Wasserbillig vertrat dieses Jahr Luxemburg bei der **44. Weltmeisterschaft für Vereine im Sportangeln**, die am malerischen **Lake Inniscarra** in Irland stattfand. An den Wettkampftagen **vom 26. bis 27. Juli 2025** traten insgesamt **25 Teams aus 16 Nationen in der Nähe Coachford's** gegeneinander an.

Bereits am 18ten Juli trat die 10köpfige Delegation die Reise über Roscoff (F) nach Irland an. Ein wunderschönes nur 20min von der Strecke entferntes irisches Landhaus stellte die perfekte Unterkunft.

Die Angelbedingungen waren anspruchsvoll: Installation im Wasser, launisches irisches Wetter und je nach Sektoren sehr unterschiedlicher Gewässergrund mit steilen Hängen stellten die Teams vor Herausforderungen.



Geangelt wurden hauptsächlich auf **Rotaugen, Hybriden** und **Brassen**, wobei präzises Angeln in einer Mindestdiefe von 3,5m entscheidend waren. Die Kunst bestand vor allem darin größere Fische zu selektieren. Passives Futter sowie Caster und Würmer als Hakenköder waren hier der Schlüssel zum Erfolg. Nach den Trainingseinheiten wurde entschieden die Matchrute beiseitezulassen und sich auf 2 Bahnen (7-8m) und 11-13m zu konzentrieren. Dabei wurde vor allem das Rotauge als Zielfisch anvisiert und Hybriden als Bonusfische.

Die Mannschaft bestand aus den Anglern Mannes Pascal, Krecké Dan, Raach Val, Weber Marc und Youngster Raach Maik. Die Kapitänsrolle übernahm Marc Michels unterstützt durch Romain Achten, Steve Raach, Marco Jander und Raymond Fux.



Resultate:

Tag 1: 7-16-9-22-19 Punkte

Tag 2: 19-22-19-5-11 Punkte

Das Team aus Wasserbillig belegte am Ende einen **respektablen 16. Platz**. Zwar lag das angestrebte Ziel – ein Platz unter den Top 15 – knapp außerhalb der Reichweite, dennoch zeigte sich die Mannschaft keineswegs enttäuscht. Die Stimmung im Team war durchweg positiv, und der sportliche Einsatz sowie der Teamgeist waren lobenswert.

Obwohl mit größerem organisatorischen Aufwand verbunden war die Reise nach Irland alle Mühe wert. Der natürliche Fischreichtum im Inniscarra Lake phänomenal, die Gastfreundschaft der Iren einmalig und die Organisation mit einem tollen Abschlussbankett insgesamt ließ an nichts zu wünschen übrig.

Der Fëscherveräin Wasserbillig bedankt sich bei allen Unterstützern und Sponsoren, vor allem bei Fishing World Bettembourg, Uwe Mikewelt und Marcel vandeneynde.



Fëscherveräin Wasserbillig





Praktesches fir de Fëscher

Der Irrtum mit den Mindestmaßen

Das gesetzliche Mindestmaß für die Entnahme von Bachforellen beträgt 25 cm. Da Forellenrogner, wenn sie nicht einem degenerierten Stamm angehören, erst mit ca. 25 cm laichreif werden, haben so viele frühzeitig entnommene Forellenweibchen noch nicht abgelaicht.



Abmessen einer Bachforelle bei einem Fliegenfischerwettbewerb an der Obersauer

Das Prinzip der Angler, Fische müssen, bevor sie gefangen werden dürfen, erst 1 oder 2mal abgelaicht haben, ist somit nicht eingehalten. Aber selbst wenn man den Bachforellen gestattet, zunächst 1 oder 2mal abzulaichen, ist weder ein Bestand gesichert, noch kann eine leistungsfähige Anpassungspopulation aufgebaut werden. Das benannte Prinzip enthält nämlich u. a. die verblüffende Vorstellung, mit den Kleinen und Minderwüchsigen zu züchten und die Vorwüchsler oder älteren Tiere, die nach natürlicher harter Selektion überlebt haben, bevorzugt zu schlachten.

Ein weiterer Gesichtspunkt ist ebenso wichtig.

Jungforellen, die zum ersten oder zweiten Mal ablaichen, sind noch nicht in der Lage, eine Laichgrube auszuschlagen, außerdem werden sie von den Altfischen, sofern solche vorhanden sind, von den günstigen Laichplätzen verdrängt. Jungfische können ihre Eier nur im freien Wasser abgeben. Die Überlebenschancen der frei abtretenden Eier sind hiermit minimal.

Durch das Festlegen eines Zwischenschonmaßes kann ein Fischbestand wirksam geschützt werden. Das Zwischenschonmaß ist für jedes Gewässer fachkundig festzulegen. Aus einem Gewässer

dürfen dann z. B. die Fische von 30–45 cm nicht entnommen werden, an einem anderen Bach schützt das Zwischenschonmaß die Fische zwischen 28 und 38 cm. **Zum Erreichen eines gesunden Bestandes hat sich vor allem auch die Praxis des Catch and Release, also das obligatorische Zurücksetzen aller gefangenen Fische bewährt.**

Funktionieren kann das allerdings nur, wenn Angelmethoden benutzt werden, die ein selektives Fischen zulassen und es gestatten, Fische ohne wesentliche Verletzung zurückzusetzen. Soll ein Fisch zurückgesetzt werden, ist jeweils sehr sorgsam abzuwägen, ob der Fisch voraussichtlich überleben wird oder nicht. Stehen die Chancen zu schlecht, ist er zu töten. Auch das Fischen mit sehr dünnen Schnüren ist abzulehnen. Abgesehen von der Gefahr des Abreißens – die Fische schwimmen dann mit dem Haken und einem Schnurrest herum – wird der Drill unnötig verlängert.



Gar nicht selten sterben gerade die größeren Fische nach dem Zurücksetzen an einer streßbedingten Milchsäurevergiftung. Eine Rolle hierbei spielen u. a. auch die jeweilige Schadstoffbelastung des Wassers sowie dessen augenblickliche Sauerstoffsättigung. Selbstverständlich müssen Fische, die zurückgesetzt werden sollen, im Wasser und ohne festes Anfassen vom Haken gelöst werden. Fischen ohne Angstbart (Widerhaken) ist eine Bedingung. Die Auffassung, dass eine Entnahme, die den natürlichen Zuwachs übersteigt, Übernutzung (Raubbau) ist, muß ganz allgemein als begrenzender Faktor anerkannt und respektiert werden.

Quelle (Broschüre „Rettet die Bachforelle“ des BBU 1988)
überarbeitet von Claude Strotz



Fir dass och muer
- nach Fësch an eise Gewässer sinn
- a Fëscher bei eise Flëss a Baachen stinn
FLPS - Mir bleiwen drun!
 Gitt Member fir 20.-€....mat Abo 6 x 





Eis Fësch, eis Baachen a Flëss

Fëscherei als Liewensinhalt (25)

1994: interessant national Meeschterschaften



D'Präisfëschchen, egal wéi eng Disziplin, waren a sinn nach ëmmer d'Réckgrat vun eisem Verband. Hei fannen sech Honnerte vu begeeschterte Sportfëschcher zesummen, déi mat vill Enthusiasmus, Motivatioun a Léift zu hirer Passioun mat groussen Erwaardungen bei d'Waasser pilgeren. Während zwou oder nach méi Stonne gëtt alles probéiert fir esou vill wéi méiglech Gramm op d'Wo ze kréien. Mat Argusa gëtt ëmmer riets a lénks bei d'Nopere geluusst, ob déi net awer nach méi oft ee Fësch u Land zéien. Nieft der Péiteschfeier stinn d'Landesmeeschterschaften am Mëttelpunkt. Wa mir op d'Joer 1994 zrëck kucken, da muss ee feststellen, datt nach eng bedeitend Unzuel u Fëschcher ëm d'Kroun gekämpft haten. Deemools gouf et nach esou guer eng drëtt Divisioun bei de Senioren! Am ganze ware 67 (!) Fëschcher ugetrueden. An der 1. Divisioun gong den Titel knapp un de Jos Junck, virum Ben Telen an de Marc Brandenburger, déi och uewen op der Träppche stoungen. Nieft hinne konnten sech nach de Jos Del Degan, de Fränk Meis an de Carlo Hardt fir d'Weltmeeschterschaft 1995 a Finnland qualifizéieren. Och wann een dat héichste Gewiicht hat, huet een net onbedéngt gewonnen! Esou hat de Carlo Hardt mat 24.200 gr zwar am meeschten op d'Wo bruecht, mee am Endeffekt gouf hie just de 6.! De René Stronck, ouni Zweifel ee vun eise beschte Fëschcher an all de Joren, hat zwar och 20.740 gr op sengem Ziedel stoen, mee kouw awer just op déi 14. Plaz! Et sinn nun eemol d'Punkten déi den Ënnerscheid maachen. De Jos Junck, 43 Joer, och als "Batsch" bekannt, hat schonn ee bëssi iwwerraschend dës

Meeschterschaft gewonnen. 1979 war hie mat den Eisebunner a Polen Vize-Weltmeeschter ginn. An engem Interview mam Romain Picard hat de Jos gesot, säi schéinst Erlefnis beim Waasser wier de Fang vun engem 26 Pond schwéieren Hiecht op de Fraternelle Weieren zu Königsmacker gewiescht!

An der 2. Divisioun war de jonke Stephan Chies de Gewënner, obwuel zum Beispill de François Mousel, deen d'Sëlwermedaille krut, 3.680 gr méi am Netz hat! De Stephan war iwwerengs zwee Joer virdrun den Drëtten op der Junioremeeschterschaft hei zu Lëtzebuerg ginn. Hien hat op alle Fall bestëmmt vill Talent vu sengem Papp Jos geierft! Nieft dem S. Chies an dem F. Mousel waren deemools nach de Fred Gillen, Jean-Claude Schaeffer an den Denis André an 1. Divisioun gestigen.

An der 3. Divisioun gong den Titel un de Roger Stranen, dat virum Jean-Marie Bonifas an dem Romain Jungbluth. Bei den Dammen hat 1994 Marceline Faber virum Jeannine Greischer an dem Sandra Scholer gewonnen. Landesmeeschter am Méckefësch gouf den Théo Thinnès virum Jean Kaysen an de Lucien Dilk.

Jo, déi déi méi laang am Verband si, kënnen sech bestëmmt nach un eng Rei Nimm vun erfollegräiche Sportfëschcher erënneren. Een oder deen aneren ass leider net méi ënner eis, anerer hunn d'Aangel, zumindest wat d'Landesmeeschterschaften ubelaangen, schonn an de Schaf gesat. An et dierf een net vergiessen, datt mir elo d'Auer ëm 31 Joer zeréck gedréint hunn!

Graas Gusty



LIKE eis op Facebook